Sispolo - Seniorentreff - Programm 2019

Léif Senioren,

Fir d'Joer 2019, gi leider keng weider Porte-Ouverte méi ugebuede, well mir net méi genuch Visiteuren hunn fir dëse Service kënnen oprecht z'erhalen.

En Konterpartie géife mir Iech awer gär folgend Sortien an Ausflich proposéieren :

<u>Mëttwochs, de 24. Abrëll 2019 : KINOSNOMËTTEG</u>

R.-V. um 14.00 Auer beim Centre culturel zu Housen

Mir fueren op Ëlwen an de Kino a ginn do zesummen de Superjhemp kucken.

Duerno gi mir zesummen eng Taass Kaffi drénken.

Umeldunge ginn entgéintgeholl um Tél. 921341-21 bis spéitstens den <u>16.04.2019</u>

<u>Mëttwochs, den 10. Juli 2019 – GRILLFEST</u>

Mir invitéieren all d'Senioren op eist traditionellt Grillfest, dëst Joer **<u>nei am Festsall am Kannerhaus am Wëldpark am Parc Housen</u>**, ab 16.00 Auer – Enn géint 19.00 Auer

Umeldunge ginn entgéintgeholl um Tél. 921341-21 bis spéitstens den <u>03.07.2019</u>

<u>Mëttwochs, den 18. September 2019 – DAGESAUSFLUCH</u>

Fir 2019 proposéiere mir een Dagesausfluch - de genaue Programm gëtt zu engem spéideren Datum matgedeelt

<u>Samschdes de 07. Dezember 2019 – Chrëschtfeier</u>

D'Gemeng Parc Housen organiséiert eng Chrëschtfeier fir all d'Senioren aus der Gemeng am Centre culturel zu Housen – weider Detailer kommen zu engem spéideren Zäitpunkt nach no.